Appel à projets

# MESSE DER MEHRSPRACHIGEN BILDUNG

## 19 Juni 2024



### Mir sichen

Iddien, Praktiken oder Projeten aus Ärer Praxis zur Ëmsetzung vun der méisproocheger Bildung an de fréikandleche Strukture vun der non-formaler Bildung zu Lëtzebuerg, mat engem spezielle Fokus op:

- Fréi Literacy-Praktiken
- Bicher a Geschichten
- Verschidde Méiglechkeeten fir Geschichten ze erzielen
- Dialogescht Virliesen
- Gestaltung vun de Raim fir d'Loscht u Sproochen, Bicher a Liesen unzereegen
- Méisproocheg Bibliothéik
- Pedagogescht Material (z.B. Bicher, Spiller, Audio'en)
- Observatioun an Dokumentatioun
- Kollaboratioun mat de Familllen
- Lokal Vernetzung (z.B. Bibliothéik, Theater, kulturell Associatiounen)

Dir géift gären Är Praxis am Beräich vun der méisproocheger Bildung an enger Crèche oder enger Mini-Crèche presentéieren a mat Ären Aarbechtskolleeg·innen deelen?

### Fir deelzehuelen:

Dir braucht just de Formulaire am Unhang auszefëllen an eis dee bis spéitstens de 15. Abrëll 2024 per E-mail zeréckzeschécken. Sollt Dir weider Froen hunn, zéckt net, eis ze kontaktéieren.

Kontakt :
simone.mortini@snj.lu

Wann Äre Projet ausgewielt gëtt, hutt Dir d'Méiglechkeet, dësen op engem eegene Stand op der Foire vun der Éducation plurilingue den 19. Juni 2024, ze presentéieren.

Service national de la jeunesse